



Fernand ETGEN
 President vun der
 Deputéiertechamber
 19, um Krautmaart
 L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
 Par Alf Christian, 15.02. 16/12/2020

Lëtzebuerg, den 16/12/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°2927 huet d'Ministesch d'Präsenz vun 2000 illegalen Internetbornen confirméiert. Feststellen ass, datt et an de leschte 5 Joer awer zu kenger Veruerteelung wéinst Exploitatioun vun illegale Bornen komm ass an et an deene leschte Joren, wéi et schéngt, keng Efforten ënnerholl goufen, fir dës Bornen iergendwéi juristeschesch aanescht z'encadréieren.

D'Reglementéierung vum Gléckspill zu Lëtzebuerg huet, der Äntwert vun der Ministesch no, als Ziil Mineuren a vulnerabel Persounen ze schützen a géint d'Gléckspillsucht, Bedruch, Geldwäsch a Cyberkriminalitéit virzegoen. Feststellen ass awer, datt Lëtzebuerg an deem Sënn net dem Schwäizer Modell nogaangen ass, wou d'Exploitatioun vum Gléckspill fir auslännesch Operateuren generell verbueden ass.

Et stellt sech d'Fro vun der Kohärenz vun der lëtzebuergescher Approche: engersäits argumentéiert ee mam Schutz viru Risiken, anerersäits ass d'Dier an eisem Land awer grouss op fir all Zorte vu Glécksspiller, déi op Serveren am Ausland iwwert den Internet z'erreesche sinn. D'Resultat ass, datt dausende vu vulnerabele Leit an och Mannerjäreger engem dereguléierte Gléckspillmarché hei am Land ausgesat sinn.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wat wäert d'Regierung an dëser Legislatur vis-à-vis vun den 2000 illegale Gléckspillbornen ënnerhuelen?
2. D'Ministesch schwätzt an der Äntwert op meng Fro n°2927 dovunner, dass analyséiert muss ginn, ob eis Legislatioun zum Gléckspill muss ugepasst ginn. Ugesiichts vun diverse gréissere Lacunen, virun allem am Bezuch mam Gléckspill um Internet, besteet net elo schonns ee konkreten Handlungsbedarf, fir dat ganz Gléckspillgesetz vun 1977 op de Leescht ze huelen an déi konservativ Doktrinn vun dësem Gesetz der Modernitéit an der Realitéit vun haut unzepassen?
3. Misst eng Reform vum Gléckspillgesetz net ëmsou méi envisagéiert ginn, wann ee



bedenkt, dass eng Heedewull vu Spiller um Internet dem Charakter vu Geschécklechkeetsspiller entsprechen, déi, no der Äntwert vun der Ministesch op meng Fro n°3141, kengerlee Autorisatiounen (voire Kontrollen) ënnerleien?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député





CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 16 décembre 2020

Objet : Question parlementaire n° 3317 du 16.12.2020 de Monsieur le Député Marc Goergen - Jeux de hasard

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés